

Et geet elo duer ! Net méi esou mat EIS

Mir hunn d'Nues déck voll, gestrache voll !!

Et ka jo net sin dass den "Aide-Soignant" wéi e Ball hin an hier geschuppt gëtt, sou wéi hien de Moment grad gebraucht gëtt !, an dat scho Joere laang.

Wa Nout um Mann, un der Fra, ass, si mir gudd a virun allem kompetent genuch, awer soss se mir onnëtzlech a seguer op verschiddene Plazen iwwerflësseg.

Während der "Crise Sanitaire" si mir gelueft ginn, op Plazen agesaat ginn wou een EIS soss scho Joere laang net méi begéint huet.

Geklappt ass ginn ; Biller mat Merci huet een a ville Fënsteren gesinn ! Dëst huet all Beruff aus der Santé gegollt.

Déi krank Léit hunn EIS awer perséinlech gesot : "Dir hutt kee liichte Beruff !, schéin datt et IECH gëtt".

Wann d'Pandemie awer eemol riwwer ass, da gëtt erëm nëmmen vum Infirmier a vum Dokter geschwat (fäerte mir), den Aide-Soignant wäert ërem onsiichtbar ginn.

Dat ass awer net dat, wat mir op de Ministèren, déi fir de Beruff Aide-Soignant zoustänneg sin, versprach kruten.

Am Joer 2002 hate mir eng „soi-disant“ Revalorisation vun eiser Ausbildung. Déi Revalorisation sollt jonk Léit méi motivéieren dëse Beruff ze ergräifen. Dest ass och zum Deel geschitt, awer leider hunn "d'Azubien" och schnell gemierkt dass si zwar 3 Joer an eng Schoul gungen awer um Enn net méi hunn dierfe maachen wéi déi Leit aus der aler Ausbildung mat nëmmen engem Joer Schoul.

Deemols hate mir Eppes versprach kritt !, mee dat war nëmmen fir eis Gemidder ze berouegen.

An erëm e puer Joer duerno stelle mir vun der ALAS eis d'Fro : WOU ASS EIS ZUKUNFT ? Wéi geet et an Zukunft weider matt deenen ALEN, KRANKEN an ZERBRIECHLICHE LEIT.

Wee soll no de Patienten kucken ? Den Infirmier, deen ëmmer méi zum Techniker get??, an da sécher nach manner Zäit um Bett vum Patient verbréngt wäert, an de Spideeler wou schon laang keng Aide-Soignaten méi agestellt ginn, an déi puer déi nach do sinn wäerten duerch Infirmièr(en) ersat ginn wa si an d'Pensioun ginn.

An de Pflegeheimer an am „Soins à Domicile“ begéint ee vill „Infirmieren“, "Aide socio-familliale" an „Auxiliaire de Vie“, well

mir hei anscheinend ze deier ginn !!!, wat awer net den Fall wier wa mir laut eisen Attributiounen vun 2002 schaffen dierften an esou eisem Rôle vum Aide-Soignant kéinten gerecht ginn.

„AIDE“ heescht „HËLLEFEN“, hëllef...„dem Infirmier , dem Kranken an dem ale Mënsch.

Den „Aide socio-familliale“ an den „Auxiliaire de Vie“ mussen oft en *dépassement de compétences* maachen : dat heescht Akten maachen fir déi hien net ausgebilt ass an déi awer vun der „Assurance Dépendance « dem Bewunner zou geschriwwe sinn an eigentlich vun enger kompetenter Persoun gemaach misste ginn.

Eis Gesellschaft gëtt ëmmer méi al, also brauche mir an Zukunft ëmmer méi Pflegepersonal. An der „Crise Sanitaire“ hu mir jo sëcher awer scho gemierkt datt mir an dësem Aarbechtsumilieu eng richtig Penurie hunn.

Den Aide-Soignant huet wierklech déi beschte Kompetenzen fir Mënschen, ob al oder krank oder zerbrochlech, ze betreien an ze begleeden egal ob am Spidol, an enger anerer Institutioun, oder Doheem a sengem Alldag .

Et gëtt einfach héich Zäit datt een eis gesäit !, eis respektéiert !, an eis wertschätzt !

Dee kranken, dee schwaachen, deen ale Mënsch wëll Zouwendung, wëll Zäit ,déi een sech hëllt a virunn allem Zäit déi ee sech kann huelen fir him nozelauschten an op seng Ongewëssheet anzegoen, hien ze berouegen an him seng Ängschten ze huelen . Hee brauch Leit, déi Wieder gebrauchen déi hee versteet ! , an net ëmmer méi Leit déi nëmme matt „Fachwieder“ rondrëm schéissen.

De Komitée vun der ALAS

www.alas.lu